02/2022

# debulletin




**Editorial vum Patrick Remakel**
Ginn d'Kanner elo op Franséisch alphabetiséiert?

**Avis du SNE/CGFP**
Circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation scolaire pour la rentrée scolaire 2022/2023

**Resolutioun vum SNE/CGFP**
Hausaufgabenhëllef

**Imagecampagne am Enseignement**
op wien oder wat waarde mir eigentlech nach?

75 sne
syndicat national des enseignants cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg

- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume







11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
2/2022


02 Editorial vum Patrick Remakel
Ginn d'Kanner elo op Franséisch alphabetiséiert?

06 Avis du SNE/CGFP
au sujet de la version provisoire de la circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation scolaire pour la rentrée scolaire 2022/2023

14 Resolutioun vum SNE/CGFP
zur Hausaufgabenhëllef

16 Erënnerungen un de « Schmitze Rob »
Auteur : Claude Kasel

17 Liesungen um SNE

20 Imagecampagne
am Enseignement
op wien oder wat waarde mir eigentlech nach?
Auteur : Isabelle Loewenstein an Christian Kohnen

23 Hausaufgabenhëllef :
eng gutt Léisung oder een Anachronismus?
Kommentar vum Laurent Berck

34 SNE Seniors
Al Schoul – neit Liewen
UESPELT (ASPELT)

# Éditorial

## Ginn d'Kanner elo op Franséisch alphabetiséiert?

Ech fänke main Editorial u mat engem Zitat, dat den Educatiounsminister Meisch an engem Artikel an der Zeitung « d'Lëtzebuerger Land » gemaach huet: « L'alphabétisation en français ne devait plus être un tabou pour l'école traditionnelle ».

Spéitstens no dëser Ausso schéngt et kloer ze sinn, dass eng Alphabetiséierung op Franséisch envisagéiert gëtt a séier wäert kommen. Erstaune mécht dat den SNE/CGFP elo net direkt, well d'Alphabetiséierung op Franséisch schonn am Koalitiounsaccord vun 2013 stung: « Le Gouvernement étudiera la possibilité d'une alphabétisation parallèle en français et en allemand pour des enfants d'origine linguistique différente ».

Den SNE/CGFP hat deemools seng Positioun zu dëser Ausso aus dem Koalitiounsaccord fixéiert an déi huet sech zënterhier och net geännert:

Den SNE/CGFP ass sech der Sproocheproblematik bewosst a wëllt sech enger Flexibilitéit vun der schoulescher Offer am traditionelle lëtzebuergesche Schoulsystem net direkt verschléissen.

An den Ae vum SNE/CGFP ass et nämlech e Fakt, dass de klassesche lëtzebuergesche Schoulsystem net méi op all Schüler aus der Lëtzebuerger Populatioun passt. Dëst gesäit een un den enorm héijen Aschreiwungsdemanden an den ëffentlechen internationale Schoulen, wou eben och op Franséisch an esouguer op Englesch alphabetiséiert gëtt. D'Direktioune vun deene Schoulen hu gréisstendeels esou vill Demanden do leien, dass si sech déi « beschte » Schüler kënnen erauspicken.

Dofir ass den SNE/CGFP och der Meenung, dass déi ëffentlech Schoul sech der Populatioun vun eisem Land an hire wiesselende Besoine soll a muss upassen. Et kann net sinn, dass déi ëffentlech Schoul sech guer net verännert a mir niewendrun international Schoulen opriichten, wou d'Kanner dann higi wann de lëtzebuergesche Schoulsystem net adaptéiert fir si ass. An den Ae vum SNE/CGFP ass et fir de sozialen Zesummenhalt an eiser Gesellschaft generell, awer besonnesch och fir d'Integratioun vu Schüler mat engem anere Sproochenhannergrond, net gutt, wann niewent der Lëtzebuerger Schoul eng Parallelwelt vun internationalen ëffentleche Schoule geschafe gëtt.

Vläicht ass eng Alphabetiséierung op Franséisch jo eng vu ville Méiglechkeete fir Schüler mat anere sproochleche Besoinen an der Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul ze halen.

Fakt ass awer och, dass d'Sproochenexperte sech eens sinn, dass d'Alphabetiséierung op Franséisch méi schwéier ass wéi d'Alphabetiséierung op Däitsch, well d'Korrespondenz tëschent Laut- a Schrëftzeechen (Phonem-Graphem-Korrespondenz) méi komplex ass.



An den Ae vum SNE/CGFP erfuerdert eng Alphabetiséierung op Franséisch méi e groussen Effort vun de Kanner fir d'Schreifweis vun de Wierder ze memoriséieren, well se net esou lautgetrei sinn.

Wann den Educatiounsministère de Wee vun engem Pilotprojet iwwert eng Alphabetiséierung op Franséisch géif aschloen, esou kéint den SNE/CGFP esou engem Projet ënner bestëmmte Konditiounen zoustëmmen.

Fir den SNE/CGFP bleift et vun extrem grousser Wichtegkeet, dass um Enn vum Zykel 4.2 all d'Kanner, egal ob si op Franséisch oder op Däitsch alphabetiséiert goufen, erëm gemeinsam op enger Schinn virufuere kënnen fir dass hinnen all d'Méiglechkeeten am « Enseignement secondaire » opstinn.

Den SNE/CGFP schwätzt sech awer kategoresch dergéint aus, dass an enger eenzeger Klass eng

**« L'alphabétisation en français ne devait plus être un tabou pour l'école traditionnelle »**








parallel Alphabetiséierung an deenen 2 Sproochen duerchgefouert gëtt. An den Ae vum SNE/CGFP ass et nämlech onméiglech, dass en Enseignant gläichzäiteg déi zwou grouss Erausfuerderungen ugoe kann, esouguer wann hien eventuell nach eng punktuell « Hëllefsstellung » an der Klass hätt. Neen, et mussen ëmmer verschidde Klasse kreéiert ginn, entweder mat enger Alphabetiséierung op Däitsch oder mat enger Alphabetiséierung op Franséisch. Egal wéi muss et ëmmer garantéiert bleiwen, dass d'Elteren am selwechte Schoulgebai de Choix hunn, ob hiert Kand op Däitsch oder op Franséisch alphabetiséiert soll ginn.

Wann et zu engem Pilotprojet iwwert d'Alphabetiséierung op Franséisch kënnt, dann hält den SNE/CGFP drop, dass eng seriö a wäitreechend Evaluatioun vun deem Projet gemaach gëtt éier eng generaliséiert Aféierung vun enger Alphabetiséierung op Franséisch an de Schoule vum Land envisagéiert oder agefouert géif ginn. Och muss dee Moment séchergestallt sinn, dass d'Schoulen iwwer déi selwecht Ressourcen a Moyene verfügen géifen wéi se och fir de Pilotprojet zur Verfügung gestallt goufen.

Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass dee Moment och missten a punkto Contingent Adaptatiounen no uewe gemaach ginn, well duerch dës Mesure nei Defien op d'Lëtzebuerger Grondschoul duerkommen.

Mat syndikalistesche Gréiss

Patrick Remakel
President vum SNE/CGFP


Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

syndicat national des enseignants cgfp

**Avis du SNE/CGFP**

**au sujet de**

**la version provisoire de la**

**circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation scolaire pour la rentrée scolaire 2022/2023**

Par dépêche du 1er avril 2022, Madame Francine Vanolst, chef de la Direction générale de l'Enseignement fondamental du MENJE a demandé pour le jeudi 21 avril 2022 au plus tard l'avis du Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) au sujet de la version provisoire de la circulaire ministérielle spécifiée à l'intitulé.

Le SNE/CGFP regrette que le délai imparti pour l'élaboration de son avis ait été très court, d'autant plus que la rédaction de sa prise de position a dû être faite en grande partie pendant les vacances de Pâques.

En outre, le SNE/CGFP estime regrettable que la publication de la circulaire de printemps, qui fournit des informations importantes pour l'élaboration de l'organisation scolaire, intervienne à un moment tardif alors que la plupart des écoles ont déjà finalisé leur projet d'organisation. Partant, la publication de la circulaire définitive devrait avoir lieu plus tôt dans l'année.

**Ad 1.2 Le contingent des leçons attribuées aux communes et syndicats scolaires**

Le sous-chapitre 1.2 fournit des précisions sur le contingent de leçons hebdomadaires attribuées aux communes et syndicats scolaires.

Après une année scolaire 2020-2021 déjà difficile, le quotidien scolaire a encore été fortement impacté par les effets de la crise de la pandémie de Covid-19 pendant l'année scolaire 2021-2022. Les mesures prises dans le cadre de la lutte contre la propagation du virus dans les écoles ne restent pas sans incidence sur l'instruction des enfants. Bien que l'on ait essayé de minimiser les répercussions de la pandémie sur le quotidien scolaire et de limiter les perturbations afférentes sur l'enseignement, il faut bien reconnaître que l'enseignement a souffert de ces conditions aggravées. Les apprentissages n'ont pas eu lieu sous les mêmes conditions pour chaque élève et il est à craindre que les disparités entre les élèves se soient encore accrues.



Même si la vie s'est largement normalisée depuis l'assouplissement, voire la levée, des restrictions sanitaires, il est à redouter qu'une nouvelle vague de Corona se déclenche à l'automne 2022. A l'heure actuelle, il est difficile d'évaluer les conséquences d'une telle éventualité sur l'école.

Devant un tel scénario, le SNE/CGFP réitère sa revendication consistant à exiger l'attribution de ressources supplémentaires aux écoles par la mise en place d'un contingent spécial « COVID-19 » pour l'année scolaire 2022-2023. Un tel contingent additionnel permettrait aux écoles d'organiser des mesures d'appui et d'aide supplémentaires et d'intensifier leurs efforts pour soutenir les enfants ayant accumulé des retards pendant la crise sanitaire. Il est primordial de rattraper d'éventuels retards scolaires dans les plus brefs délais par le déploiement massif d'aides.

La circulaire de printemps rappelle que suivant l'article 42 de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental, la coordination des travaux d'élaboration et d'évaluation du plan de développement de l'établissement scolaire peut être déléguée par le président d'un comité d'école à un autre membre de ce dernier. Le SNE/CGFP s'interroge sur la pertinence du fait que la décharge PDS ne puisse être déléguée qu'à des membres du comité d'école si le président du comité d'école souhaite se décharger de ce travail. Dans certaines écoles, le PDS est géré par un groupe de pilotage dont les membres ne font pas nécessairement partie du comité d'école. Ne serait-il pas préférable que l'école puisse décider elle-même de la manière la plus judicieuse de répartir les heures de décharge entre les enseignants, et ceci en fonction de leur implication respective dans le développement de l'école? Il s'agit là d'une question de principe qui mériterait d'être approfondie à l'avenir.

En ce qui concerne les possibilités de majoration du contingent liées à la prise en charge des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (EBS) évoquées dans la circulaire sous avis, le SNE/CGFP tient à rendre attentif au fait que le nombre actuel d'instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins particuliers et spécifiques I-EBS ne permet pas d'attribuer un tel instituteur spécialisé à chaque école. Les efforts de recrutement d'I-EBS devront être maintenus.

Il est évident que l'instituteur spécialisé I-EBS ne peut pas prendre en charge l'ensemble des enfants EBS d'une école. Il en est de même en ce qui concerne l'encadrement ambulatoire des enfants EBS par un membre de l'ESEB. Les ressources humaines à la disposition des ESEB ne suffisent pas pour garantir une prise en charge régulière et adéquate des enfants EBS.

De plus, en cas de maladie, aucun remplacement n'est prévu. Ces leçons de soutien tombent alors en souffrance.

Par ailleurs, le SNE/CGFP est d'avis que les ESEB doivent être plus présentes dans les écoles. Les titulaires ressentent le besoin d'un interlocuteur direct au sein des écoles afin de garantir un échange plus authentique par rapport aux enfants en question. Ceci permettrait aussi un feedback plus concret pour les titulaires et une vue différente sur la situation, ce qui sera certainement au profit des enfants en question.

**Ad 1.4 La saisie des données des élèves**

Dans le contexte d'une scolarisation spécialisée d'un élève dans un des neuf Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée, le SNE/CGFP tient à rappeler que les

procédures de prise en charge des élèves en question restent assez lourdes et longues. La durée des procédures est souvent supérieure à un mois. Partant, le SNE/CGFP exige que le groupe de travail et de pilotage « simplification administrative », composé de représentants des différents syndicats des enseignants, d'une délégation du Collège des directeurs de l'enseignement fondamental et de membres des services ministériels concernés, soit réactivé. Dans le cadre des travaux de ce groupe, il est impératif de revoir et d'alléger les procédures de prise en charge des élèves à besoins spécifiques. Dans ce contexte, le SNE/CGFP rappelle que la « digitalisation » du formulaire « Projet personnalisé d'apprentissage et d'accompagnement PPAA et Plan de prise en charge individualisé PPCI» n'est pas synonyme de « simplification » de la procédure. Il faut procéder à un changement de paradigme dans la prise en charge des enfants à besoins spécifiques et particuliers. La mise en place d'aides et d'appuis efficaces, sans perte de temps excessive, doit être la préoccupation majeure de tous les concernés. Des procédures trop fastidieuses et peu efficaces devront être bannies.

**Ad 1.6 L'organisation des classes de l'éducation précoce**

En ce qui concerne l'organisation des classes de l'éducation précoce, le SNE/CGFP suggère de revoir à la baisse le nombre maximal d'enfants pouvant être accueillis par groupe d'éducation précoce. Ce nombre est actuellement fixé à 20 enfants. Dans le rapport au sujet de l'éducation précoce, intitulé « Mat de Kanner fir d'Kanner ! » et publié par le MENJE en 2015, les enseignants et éducateurs constatent que la constitution de groupes supérieurs à 16 enfants ne favorise guère les situations d'apprentissage et rend très difficile une prise en charge plus différenciée des enfants.

**Ad 1.7 La constitution des équipes pédagogiques**

Pour ce qui est de la constitution des équipes pédagogiques, le SNE/CGFP est d'avis que la répartition ainsi que l'occupation des différents postes dans une commune devront se faire conformément au règlement d'occupation des postes tel que défini à l'article 39 de la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental.

Tout en comprenant le souci du MENJE de pourvoir les postes de titulaires de classe prioritairement par du personnel détenteur d'un diplôme d'instituteur ou d'un certificat de formation pédagogique, le SNE/CGFP ne peut accepter que les instituteurs soient limités dans leur choix lors de l'occupation des postes.

La circulaire ministérielle sous rubrique stipule que la création de regroupements à effectif trop élevé pour l'enseignement des branches secondaires est interdite. Tout en comprenant le souci du MENJE de vouloir assurer également pour les branches secondaires une atmosphère d'apprentissage sereine, le SNE/CGFP insiste sur le fait que bon nombre de ces regroupements sont précisément dus à la suppression de postes d'instituteur par l'application trop rigoureuse du contingent. Il s'ensuit un manque de personnel enseignant qui force les écoles à procéder à de tels regroupements malsains afin de préserver, du moins partiellement, les mesures d'aide, d'appui et de remédiation prévues pour les élèves qui éprouvent de sérieuses difficultés.



**Ad 1.8 Le congé politique du personnel enseignant**

Le SNE/CGFP se demande sur quelle base légale repose la décision de réduire de moitié le congé politique des enseignants, réduction argumentée par le MENJE du fait de la conversion des heures de congé en leçons. Cette conception du congé politique pénalise les enseignants qui s'engagent en politique, si l'on considère qu'ils consacrent autant d'heures à leur travail politique que d'autres élus politiques issus d'autres catégories professionnelles. Cette interprétation pourrait conduire, dans des cas extrêmes, à des situations plutôt aberrantes. Il serait par exemple inacceptable qu'un enseignant soit obligé de quitter prématurément une réunion du conseil communal parce qu'il ne dispose pas d'un congé politique suffisant pour exercer pleinement son mandat.

**Ad 2.7 Le recrutement pour les écoles européennes et internationales**

Le SNE/CGFP constate qu'il n'est plus fait référence à la liste 1bis dans le cadre de la publication des postes d'instituteur vacants dans les écoles européennes et internationales publiques. Le SNE/CGFP se permet de demander s'il n'est plus prévu de recruter du personnel pour ces écoles dans le cadre de la liste 1 bis.

**Ad 2.8. La publication des postes d'instituteur vacants dans les centres de compétences**

De même, seule la liste 1 est désormais mentionnée pour la publication des postes d'instituteur vacants dans les centres de compétences. Le SNE/CGFP se pose la question de savoir si l'on ne recrute plus dans le cadre des listes 1bis et 2 pour les centres de compétences.

**Ad 3.3 La prestation de leçons supplémentaires régulières**

Au paragraphe 3, il faudrait préciser qu'il s'agit de l'article 17 du règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental.

**Ad 3.5 La tâche des enseignants bénéficiant d'un service à temps partiel**

En règle générale, lors de la fixation de la tâche réelle des enseignants bénéficiant d'un service à temps partiel, toute fraction dans le calcul du nombre de leçons hebdomadaires d'enseignement direct à prester est arrondie vers l'unité immédiatement supérieure à cette fraction et le surplus de travail sera ou bien indemnisé en tant que leçons supplémentaires régulières ou bien comptabilisé sur le compte épargne-temps. Considérant que le personnel bénéficiant d'un congé parental n'est pas autorisé à prester des leçons supplémentaires régulières ou occasionnelles, le SNE/CGFP peut comprendre l'affirmation que « pour le congé parental **fractionné**, aucun arrondissement d'une éventuelle fraction dans le calcul du nombre de leçons hebdomadaires d'enseignement direct à prester n'est autorisé ». Il se demande toutefois pourquoi cette restriction ne concernerait que le congé parental **fractionné** et non pas le congé parental à temps partiel, le temps de travail de ce dernier étant calculé à partir de la moyenne des heures prestées au cours des 12 mois précédant le début du congé parental.

En ce qui concerne l'appui pédagogique à prester par les agents bénéficiant d'un service à temps partiel, le SNE/CGFP propose d'ajouter à titre d'information un exemple de calcul concret pour un agent ayant opté pour la conversion d'une heure d'appui pédagogique en leçon d'enseignement direct.

Pour ce qui est des agents bénéficiant d'une décharge pour raison d'âge et d'un congé parental, le SNE/CGFP reformule sa question pourquoi l'interdiction de prester des fractions d'heures supplémentaires se limiterait aux seuls agents bénéficiant d'un congé parental fractionné et non pas aux agents bénéficiant d'un congé parental à temps partiel.

**Ad 4.1 Le plan d'encadrement périscolaire**

Le SNE/CGFP prend acte du fait que - comme annoncé par le ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - les concepts d'aide aux devoirs seront réorganisés à partir de la prochaine année scolaire. Le SNE/CGFP attend avec impatience la circulaire annoncée pour le troisième trimestre dans laquelle le corps enseignant et les autorités communales seront informés du nouveau concept de l'aide aux devoirs à domicile.

D'ores et déjà, le SNE/CGFP tient à réitérer sa revendication que les enseignants ne pourront pas être forcés d'assurer cette aide aux devoirs à domicile. Cette tâche supplémentaire ne pourra être prestée que sur base facultative.

**Ad 4.2 Le rapprochement entre l'école fondamentale et les services d'éducation et d'accueil**

Pour ce qui est du rapprochement entre l'école fondamentale et les services d'éducation et d'accueil, le SNE/CGFP ne refuse pas de collaboration raisonnable entre l'école et les maisons relais. Il tient toutefois à rappeler que ces deux structures fonctionnent selon deux concepts pédagogiques différents. Les maisons relais travaillent de façon plus libre (éducation non-formelle), alors que l'école fondamentale (éducation formelle) s'oriente aux compétences définies dans le plan cadre respectivement le plan d'études. Considérant que les deux structures n'ont pas la même mission éducative, le SNE/CGFP reste formellement opposé à une éventuelle fusion des deux entités.

Le SNE/CGFP est d'avis que l'utilisation de l'infrastructure scolaire par les structures d'accueil devra être réglementée de manière claire et précise afin d'éviter toutes sortes de tensions, voire des altercations entre les différents utilisateurs.

Pour le SNE/CGFP, la fixation de règles de fonctionnement et de conduites précises est une condition indispensable pour une telle collaboration.

De plus, le SNE/CGFP rend attentif au fait qu'il n'est pas opportun que les enfants restent confinés sur le même site, respectivement dans les mêmes salles pendant la totalité de la journée. Une séparation spatiale entre l'éducation formelle et l'éducation non-formelle est souhaitable. Par ailleurs, la crise de la pandémie COVID-19 nous a clairement indiqué les limites du système si l'on ne dispose pas de suffisamment de salles pour accueillir tous les enfants en même temps. Le fait d'avoir procédé à des synergies n'a pas contribué à faciliter l'accueil des élèves pendant la crise susmentionnée.



**Ad 4.3 Le volet « gestion des écoles »**

Dans le sous-chapitre 4.3 relatif au volet « gestion des écoles », la circulaire de printemps stipule pour le cycle 1 que « la durée maximale à réserver à une pause ne dépassera pas les 30 minutes, y compris le temps pour s'habiller et se déshabiller ». Le SNE/CGFP a dû constater que cette disposition est utilisée dans un certain nombre de communes pour modifier la tâche des enseignants du cycle 1.

Etant donné que la surveillance des enfants fait partie intégrante de la tâche de l'enseignant, le temps de travail de l'enseignant du cycle 1 est allongé par le biais d'une augmentation de la durée des récréations jusqu'à 30 minutes. Il est évident que la véritable raison d'un tel allongement des récréations est dans la plupart des cas due au fait que les communes souhaitent harmoniser les horaires du cycle 1 avec ceux des cycles 2-4, et ceci afin de réduire les coûts engendrés par le transport scolaire.

Partant, le SNE/CGFP reste opposé à de telles pratiques et exige que les enseignants concernés aient droit à une compensation.

Les auteurs de la circulaire ministérielle indiquent que, après analyse des horaires figurant dans les documents relatifs aux différentes organisations scolaires, de nombreuses écoles ont tendance à réduire au strict minimum le nombre des leçons d'enseignement direct d'une durée de 55 minutes. Il en résulterait une réduction significative du temps d'enseignement disponible pour la réalisation des apprentissages. C'est pourquoi le MENJE rappelle que la durée des leçons ne peut être réduite à 50 minutes que pour des raisons d'organisation.

Tout en sachant que les dispositions légales mentionnent bien des raisons d'organisation comme condition à la réduction de la durée des leçons, le SNE/CGFP estime que le fait de compter les minutes dans la circulaire ministérielle relève du pinaillage, surtout si l'on considère que les enseignants n'ont pas ménagé leurs efforts au cours des deux dernières années de pandémie et qu'ils ont assuré le bon fonctionnement de l'école sans compter les heures pendant ces temps difficiles. Le fait de compter maintenant les minutes des leçons ne serait-il pas ressenti dans l'état actuel des choses comme une gifle par les enseignants ? Le SNE/CGFP propose de supprimer ce paragraphe de la circulaire afin de ne pas susciter l'indignation du corps enseignant.

**Ad 5.1 Projet pilote « zesumme wuessen! Alphabeziséierung op Franséisch"**

Le SNE/CGFP est d'avis que l'école publique doit s'adapter à la diversité de ses élèves et répondre continuellement à leurs besoins. Il faut que l'école publique luxembourgeoise évolue sans cesse pour relever les défis, notamment linguistiques, qui se posent. Dans cette optique, il est inconcevable que nous créions un monde parallèle en instaurant, à côté des écoles publiques luxembourgeoises, un nombre de plus en plus grand d'écoles publiques européennes et internationales destinées aux enfants qui ne trouvent plus leur place dans le système scolaire luxembourgeois. L'intégration des élèves issus d'un autre contexte linguistique doit se faire, dans la mesure du possible, au sein de l'école publique luxembourgeoise.

Tout en étant conscient de la problématique des langues au Luxembourg, le SNE/CGFP ne s'oppose pas au projet d'une alphabétisation en langue française, envisagé par le MENJE.

Toutefois d'autres pistes visant l'intégration des élèves issus d'un autre contexte linguistique devraient être également considérées et analysées.

Néanmoins, l'alphabétisation en français au sein des écoles publiques luxembourgeoises pourrait-elle offrir des opportunités aux élèves ayant des besoins linguistiques différents ?

Le projet d'alphabétisation en français appelle les remarques suivantes de la part du SNE/CGFP :

- La plupart des linguistes s'accordent à dire qu'une alphabétisation en français est plus difficile qu'une alphabétisation en allemand, la correspondance entre les phonèmes et les graphèmes étant plus complexe. Par conséquent, une alphabétisation en langue française demande plus d'efforts pour mémoriser les mots.
- Le projet pilote n'a de sens que s'il se déroule dans des conditions réelles, surtout en ce qui concerne les ressources investies pour réaliser le projet. A l'issu de la phase pilote il faudra procéder à une évaluation indépendante et objective du projet pour tirer par la suite les conclusions qui s'imposent. Il faudra notamment mesurer l'impact d'une alphabétisation en langue française sur les besoins en personnel et évaluer la nécessité d'adapter le contingent des leçons attribuées aux écoles pour qu'elles soient en mesure de répondre à cette nouvelle mission.
- À la fin du cycle 4.2, il est important que tous les élèves aient acquis les compétences nécessaires pour pouvoir poursuivre leur scolarité dans l'enseignement secondaire, et ceci indépendamment de la langue d'alphabétisation choisie.
- Le SNE/CGFP s'oppose catégoriquement à un projet d'alphabétisation parallèle dans deux langues au sein d'une même classe.
- Les parents devront avoir le libre choix pour décider de la langue d'alphabétisation (allemand ou français) de leur enfant. L'école ne pourra en aucun cas imposer un choix aux parents en ce qui concerne la langue d'alphabétisation.

**Ad 5.2.1 Nouveau matériel didactique « Salut, c'est toi ! « pour l'apprentissage du français au cycle 4**

Le matériel « Salut, c'est toi ! » est composé en tout de 10 livres pour l'élève qui sortiront au fur et à mesure pour la totalité du cycle 4. La parution du matériel s'échelonnera sur deux années. Le matériel complémentaire et la version numérique et interactive des livres ne paraîtront que progressivement à partir de la rentrée 2023-2024.

Le SNE/CGFP regrette que tout le matériel ne soit pas disponible dès le début de l'année scolaire 2022-2023. Une mise à disposition du matériel en début d'année permettrait aux enseignants de prendre connaissance du contenu du matériel et d'en avoir une vue d'ensemble. Les enseignants pourraient dès lors planifier leurs cours en connaissance de cause procéder à une répartition judicieuse de la matière dans le temps. Le SNE/CGFP espère que la mise à disposition du matériel ne sera pas trop retardée afin que les enseignants puissent l'utiliser le plus rapidement possible.



**Ad 5.3 L'organisation des cours de natation**

Le SNE/CGFP comprend le souci que les enfants atteints d'affectations durables, comme par exemple l'épilepsie, puissent participer au cours de natation pour autant qu'un certificat médical de non-contre-indication aux activités aquatiques établi par un médecin spécialiste soit fourni. Il estime toutefois que la responsabilité incombant à l'enseignant est très, voire trop grande.

**Ad 5.6 Une offre de rattrapage pour tous**

Il est prévu d'organiser dorénavant la « Summerschoul » chaque année pendant une période de deux semaines précédant la semaine de la rentrée scolaire.
Sans vouloir minimiser les effets de ces cours de remise à niveau, le SNE/CGFP est d'avis que l'instauration durable de la « Summerschoul » constitue certes une initiative digne de louanges, mais ne permettra pas de résoudre tous les problèmes et de combler les lacunes des élèves suite aux restrictions imposées à l'école par la pandémie de la Covid-19. Le SNE/CGFP réitère sa revendication de la mise à disposition d'un contingent supplémentaire de ressources en personnel pour l'année scolaire 2022-2023.

**Ad Annexes : Les calendriers**

Ne faudrait-il pas écrire « La liste des samedis libres (pour les communes ayant **opté** sous réserve de l'accord du ministère pour un horaire qui prévoit des cours le samedi) » au lieu de « La liste des samedis libres (pour les communes ayant **adopté** sous réserve de l'accord du ministère pour un horaire qui prévoit des cours le samedi) » ?

# Resolutioun vum SNE/CGFP zur Hausaufgabenhëllef

Den Educatiounsminister Meisch huet bei der Schoul-Rentrée 2021-2022 d'Aféierung vun enger landeswäit koordinéierter Hausaufgabenhëllef annoncéiert fir domadder de Virgaben aus dem « Accord de coalition » 2018-2023 wëlle Rechnung ze droen.

Et freet den SNE/CGFP, dass de Stellewäert vun den Hausaufgaben nees u Wichtegkeet gewënnt, nodeems et an de leschte Joren ëmmer méi kritiséiert gouf, wann den Enseignant de Kanner Hausaufgabe ginn huet.

An den Ae vum SNE/CGFP mussen am Virfeld nach e ganze Koup prinzipiell, logistesch an organisatoresch Froe gekläert ginn.

Obwuel de Projet « Hausaufgabenhëllef » dem SNE/CGFP bis zum haitegen Dag nach net presentéiert gouf a mir och nach net dozou consultéiert goufen, wëlle mir awer schonn elo eis Positioun zu deem Sujet fixéieren.

## 1. Wie soll déi Hausaufgabenhëllef assuréieren?

Wéi et schonn am Koalitiounsaccord schwaarz op wäiss steet, kéinten d'Enseignanten dës Hausaufgabenhëllef assuréieren, an zwar als Iwwerstonnen, déi op fräiwëlleger Basis geleescht kënne ginn.

Den SNE/CGFP fuerdert dofir, dass dës Garantie aus dem Koalitiounsaccord agehale gëtt a keen Enseignant ka forcéiert ginn, déi Hausaufgabenhëllef ze halen.

Wann en Enseignant sech decidéiert, fir Hausaufgabenhëllef ze assuréieren, da misst hien eng méiglechst grouss Flexibilitéit bei der Organisatioun vu senger Tâche behalen. Esou misst hien d'Méiglechkeet hunn, sech d'Hausaufgabenhëllef a Form vun Iwwerstonne bezuelen ze loossen an dat zum Tariff vun enger regulärer Iwwerstonn. Hie misst och Hausaufgabenhëllef- Stonnen op säi « Compte épargne-temps CET » setze kënnen. D'Convertéiere vum « Appui pédagogique » an Hausaufgabenhëllef misst och erméiglecht ginn an dat no deene selwechte Modalitéiten, wéi dat fir d'Convertéiere vum « Appui pédagogique » a « Leçons d'enseignement direct » virgesinn ass. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass een déi Tâche vun der Hausaufgabenhëllef soll esou attraktiv wéi méiglech gestalten. Dofir muss den Enseignant och déi gréisstméiglecht Flexibilitéit behalen, wéini hie seng Hausaufgabenhëllef wëllt ubidden.

## 2. Wie ka vun der Hausaufgabenhëllef profitéieren?

D'Deelhuelen un der Hausaufgabenhëllef däerf op kee Fall un eng Aschreiwung vum Schüler an engem « Service d'éducation et d'accueil (SEA) » gebonne sinn.

Fir den SNE/CGFP ass et indispensabel, dass, wann all Schoul am Land Hausaufgabenhëllef ubidde wäert, och all Schüler de Choix muss hunn, fir dovunner ze profitéieren oder net. D'Hausaufgabenhëllef stellt also eng fakultativ Offer fir d'Schüler duer.

## 3. Wéi gesäit d'Organisatioun vun der geplangter Hausaufgabenhëllef aus?

3.1. A verschiddene Schoule gëtt haut schonn eng Hausaufgabenhëllef ugebueden, wou den « Titulaire de classe » senger Klass déi Hëllef op bestëmmten Deeg no der Schoul ubitt. Bei enger flächendeckender Aféierung vun der Hausaufgabenhëllef däerf et op deene Plazen net zu Verschlechterunge kommen.

Den SNE/CGFP fuerdert dofir, dass et op deene Plazen, wou eng Hausaufgabenhëllef haut schonn ugebuede gëtt, et och méiglech bleift, just mat de Kanner vu senger Klass ze schaffen.



3.2 D'Hausaufgabenhëllef soll idealerweis pro Klass ugebuede ginn. Et wär awer, jee no lokaler Begebenheet, och virstellbar, Gruppen no Joergäng, respektiv nom Zykel zesummenzestellen.

Den SNE/CGFP fuerdert, dass d'Effektiver vun de Gruppen esou musse limitéiert ginn, dass eng richteg Betreiung an Hëllef kann assuréiert ginn an dass d'Hausaufgabenhëllef, wéinst ze héijen Effektiver, net op eng einfach « Surveillance » vun de Kanner erausleeft. An deem Kontext muss d'Gruppegréisst och no ënnen ugepasst ginn, wann een oder e puer Kanner mat spezifesche Besoinen an der Hausaufgabenhëllef ageschriwwe sinn.

3.3. Eng landeswäit koordinéiert Hausaufgabenhëllef bréngt zousätzlech administrativ an organisatoresch Aarbecht mat sech.

Et muss genuch Personal rekrutéiert ginn, dat d'Hausaufgabenhëllef assuréiert. Am Krankheetsfall muss de Remplacement vun dësem Personal organiséiert ginn oder d'Elteren iwwert d'Ausfale vun der Hausaufgabenhëllef informéiert ginn. Et mussen Informatiounen an Umeldungen un d'Elteren erausgeschéckt ginn. Confirmatioune vun Umeldunge mussen entgéintgeholl ginn, Lëschten erstallt a verwalt ginn. D'Presenzen an d'Ofmeldunge vun de Kanner musse geréiert ginn. Dës grouss administrativ an organisatoresch Aarbecht am Zesummenhang mat der Hausaufgabenhëllef däerf net un der Schoul hänke bleiwen.

Den SNE/CGFP fuerdert dofir, dass weder de President oder e Member vum Schoulcomité nach de « Coordinateur de cycle » oder den « Titulaire de classe » mat der praktescher Organisatioun vun der Hausaufgabenhëllef ka beoptraagt ginn.

De MENJE muss kucken, wéi een dës Organisatioun gestemmt kritt, ouni dass dat en zousätzlechen Aarbechtsopwand fir d'Schoulen an d'Enseignantë bedeit.

An deem Zesummenhang wär et och net onwichteg ze wëssen, wat fir en Ëmfang déi geplangten Hausaufgabenhëllef anhëlt an ob et do Ënnerscheeder tëschent den Zykle ginn.

## 4. Wou soll d'Hausaufgabenhëllef stattfannen?

Am Fall wou d'Hausaufgabenhëllef net an de Raimlechkeete vun der Maison relais ugebuede ka ginn, mussen, no Concertatioun mam Schoulcomité, aner Raimlechkeete fonnt ginn.

Dës Resolutioun gouf den 8. Mäerz 2022 eestëmmeg vun der Assemblée des Délégués vum SNE/CGFP ugeholl.

# Erënnerungen un de « Schmitze Rob »

Auteur : Claude Kasel

Et gëtt sécher vill Leit, déi de Rob méi laang an och besser kannt hu wéi ech.

Duerfir wëll ech op dëser Plaz just e puer Erënnerunge festhalen, déi hien esou beschreiwen, wéi ech hien erlieft hunn.

Ech hunn de Rob ausgangs der 80er Jore kenne geléiert, wéi ech als jonke Schoulmeeschter an d'« Assemblée des Délégués » vum SNE gewielt gouf. Hie war deemools am Comité a war virun allem fir de Volet « Préparatoire » zoustänneg.

De Rob war en exzellente Rhetoriker. Hien huet et verstanen, souverän an absolut iwwerzeegend säi Sujet ze presentéieren. D'Pointë waren ëmmer op der richteger Plaz, d'Stëmm ass genau do gehuewe ginn, wou et néideg war, d'Pause si grad do komm, wou se sënnvoll waren... Zu de Pausen huet iwwregens nach eng typesch Mimik gepasst. Hien huet fir ee kuerzen Ament d'Aperhoer eropgezunn. Da war et op eemol ganz roueg am Sall a jiddereen huet gespaant nogelauschtert, wéi hie weidergefuer ass.

Wéi ech an de Nonzeger Joren du selwer am Comité vum SNE war, hunn ech gemierkt, dass de Rob seng Riede net aus dem Aarm geréselt huet. Hien huet all Betounung an all wichtege Geste grëndlech geplangt a näischt dem Zoufall iwwerlooss.

De Rob war een « onermiddleche Schaffert » beim SNE. Hien huet den Dossier « Préparatoire » aus dem Effeff kannt a sech resolut fir seng Kolleegen aus dem « Régime préparatoire » agesat.

Owes war hien dacks nach um Büro an der Ardennerstrooss an huet de « Bulletin syndical » bis an de leschten Detail iwwerschafft, éier hien en dann an d'Dréckerei weiderginn huet.

De Rob war kee Frënd vu Komproměsser. Hien huet an Diskussiounen net laang ronderëm de Bräi geschwat, mee seng Meenung direkt, kloer an däitlech zum Ausdrock bruecht. Domat ass hien dacks ugeeckt. Als engagéierten Delegéierte vum Diddelenger Léierpersonal an iwwerzeegte Syndikalist ass hie respektéiert ginn, och vun deene Leit, déi hien net onbedéngt zu senge Frënn ziele konnt.

De Rob huet sech dëse Respekt verdéngt! Als Diddelenger Schoulmeeschter an SNE- Member wëll ech dem Rob posthum Merci soe fir säi couragéierten Asaz am Déngscht vum Léierpersonal.

Merci Roby





# Liesungen um SNE

Den SNE/ CGFP ass frou, dass no 2 Joer Pandemie endlech nees konnte Liesunge vun eisen Auteuren ofgehale ginn. Et war hinnen eng grouss Freed de Kanner nees aus hire Bicher virliesen ze kënnen a mir si frou de Kanner esou e Stéck Normalitéit konnten zréck ze ginn.

All eis Biller- a Virliesbicher fannt dir an eisem Online Shop op folgendem Link :

SNE Editions s.à r.l.

**https://sneeditions.shop/shop/**

**E grousse Merci un eis engagéiert Auteuren !**



**Dany Gales**

Minimaus
(07.03.2022)








**Nico Eich**

Monsieur Dupont
(10.03.2022)


















**Josée Bourg**

Orangi
(17.03.2022)





**Yvette Moris**

Scheewercher zielen
(23.03.2022)

De Fabio geet derwidder
(24.03.2022)

Märecher fir drann
ze bäissen
(24.03.2022)

# Imagecampagne am Enseignement

## op wien oder wat waarde mir eigentlech nach?

Zënter etleche Joren ass eisen offiziellen Instanze bekannt, dass net genuch diploméiert Enseignantë kënne rekrutéiert gi fir de Besoinen um Terrain nozekommen. Mir als SNE/CGFP revendiquéieren dowéinst och a reegelméissegen Ofstänn, dass endlech eng konkret Campagne lancéiert gëtt fir dësem Manktem entgéintzewierken.

Viru 4 Joer hu mir als SNE/CGFP d'Mesure vun de Quereinsteiger akzeptéiert, ënnert der Konditioun, dass dës soll eng Noutléisung bleiwen. Kuckt een awer elo déi aktuell Zuele vum Rekrutement, esou fält op, dass ewell méi Quereinsteiger agestallt ginn, wéi Kandidaten aus deem reguläre Studium vun den Erzéiungswëssenschaften.

A senger Äntwert op d' « Question parlementaire » 4803 zu de « Modalités de recrutement d'enseignants »* huet den Här Minister dës Zuele fir d'Schouljoer 21/22 matgedeelt :

**550 Posten an de Lëtzebuerger Grondschoule goufe besat:**

- 120 Enseignantë mat engem BScE, déi sech dem Concours gestallt hunn, an an de Cyclen 2-4 intervenéieren;
- 30 Agente mat engem BScE, déi sech dem Concours net gestallt hunn;
- 150 nei Agente mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum « Enseignement fondamental » steet;
- 251 Remplaçantë mat engem CDD.

Mir si weiderhin dankbar fir all motivéiert a kompetent Persoun, déi de Wee an den Enseignement fënnt, verlaangen awer trotzdeem, dass dat engagéiert Personal eng zolidd pedagogesch Grondausbildung muss hunn. Et ass a bleift e komplexe Beruff, ee Beruff mat e sëllegen Erausfuerderungen an enger grousser Verantwortung. Enseignant si léiert een net an 246 Formatiounsstonnen innerhalb vun engem Joer. Mir als SNE / CGFP froen eis, ob dës Léisung, déi 2018 aus der Nout eraus an d'Liewe geruff gouf, net gezwongenermoossen zur Dauerléisung gëtt.
An den Ae vum SNE/CGFP en absolutten No-Go!

Mir stellen ëmmer nees fest, dass eng Rei aner Ministèren oder Institutiounen hiren Job korrekt maachen a realiséieren, dass een effektiv proaktiv eppes géint de Mangel u Personal kann a soll maachen: Mir denken un d'Arméi, d'Police, de CGDIS, d'Gemengen an d'Handwierk, fir nëmmen e puer aktuell Beispiller ze nennen. Vun engem Rekrutementsbüro an der Stad, iwwer flott Videoen an de soziale Medien, vun allem ass eppes dobäi.

### Wat geschitt am Enseignement? Glat a guer näischt!

Et geet eiser Meenung no definitiv net duer, dass de MENJE eemol am Joer op der Studentefoire dobäi ass, déi oppe Plazen online ausschreift, an dann hofft, dass genuch interesséiert Leit sech dovunner ugesprach fillen a sech fir eng Ausbildung zum Enseignant entscheeden. Neen, dofir brauch et schonn e bësse méi Effort a Visibilitéit op relevante Plazen an zu deene passende Momenter. Virun allem no deenen zwee Joer Pandemie, wou och zu Lëtzebuerg jiddereen erkannt



huet, dass Schoulhale sécherlech net zu den einfachsten Tâchë gehéiert.

Et ass eigentlech net virrangeg eisen Job als Gewerkschaft, fir de Beruff ze promouvéieren, mee déi Aktioune misste vum MENJE ausgoen. Vu dass dem SNE / CGFP awer d'Qualitéit am Bildungswiese wichteg ass, an dës Qualitéit ganz enk mam Rekrutement zesummenhänkt, wëlle mir op dësem Wee een Deel vun eisen Iddien an deem Kontext matdeelen.

- D'Woch vum Enseignant
- Nationalen Dag vun der Bildung (« Journée des professions » zum Thema Enseignement)
- Geziilt Rekrutement an de Veräiner, do wou engagéiert Jonker Freed drun hunn fir Kanner ze encadréieren.
- Op deene Plaze present sinn, wou déi Jonk sech an hirer Fräizäit ophalen.
- Positiv Biller aus de Schoule weisen an an de Medien duerstellen. D'Aarbecht vun den Enseignanten um Terrain valoriséieren.
- Interviewe mat Enseignantë veröffentlechen. Temoignagë vun Enseignanten, déi iwwert hir Motivatioun am Beruff schwätzen. Z.B.: "Ech si gären Enseignant, well..."
- Déi sozial Medie méi geziilt asetze fir de Beruff bei deene Jonken ze promouvéieren.
- D'Aarbecht an d'Wësse vun eise pensionéierten an erfuerenen Enseignantë valoriséieren, eis fréier Kolleeginnen a Kolleegen an de Rekrutement an eventuell an d'Ausbildung mat abannen.

D'Kanner brauche kompetent an héich qualifizéiert Enseignanten. Den SNE / CGFP ass dofir bereet ze hëllefen, wann et ëm d'Promotioun vun eisem Beruff geet. Den SNE / CGFP steet gären zur Verfügung fir sech mam Ministère un een Dësch ze setze fir gemeinsam eng nohalteg Léisung fir d'Penurie am Enseignement ze sichen.

* *(Aus der Äntwert op d'Question parlementaire QP 4803 vum 4.8.2021 : Modalités de recrutement d'enseignants)*



**D'Isabelle Loewenstein ass Enseignante am Cycle 2-4 an der Gemeng Hesper a Member vum Comité central vum SNE/CGFP.**



**De Christian Kohnen ass Enseignant am Cycle 4, President vum Comité d'école, Ecole Fondamentale Steinfort**

# Spendenaktioun

## Hëlleft ons hëllefen

Eis Aktioun "Hëlleft ons hëllefen" war en Erfolleg a mir konnten de 14.4.2022 ronn 20 Këschte Schoulmaterial der Associatioun LUkraine iwwerginn. E grousse MERCI un iech léif Membere fir är Spenden an och un eis Equipe vu SNE Editions fir den Transport vun de Këschten.

LUkraine sammelt weider Schoulmaterial op der Adress:
276, rue de Rollingergrund
L-2441 Lëtzebuerg
(Méindes-Freides vun 10h00- 17h00).




LUkraine




# Hausaufgabenhëllef :

## eng gutt Léisung oder een Anachronismus?

### Vun den Hausaufgaben …

Hausaufgabe sollen d'Léieren an der Schoul ënnerstëtzen andeems doheem widderholl, geléiert, geüübt an / oder eppes verdéift gëtt. Den Effet vun den Hausaufgabe gouf schonn a ville Studien (ënnert anerem TU Dresden, John Hattie, …) ënnersicht an ënnert dem Stréch haten Hausaufgaben, wann iwwerhaapt, ni de gréissten Effet op d'Léieren. Bleiwen d'Hausaufgaben deemno ëmstridden, esou ass et definitiv net ëmstridden, dass vill Familljen drënner leiden.

### Iwwert d'Petitioun …

Genee dofir gouf dann Enn vum leschte Joer eng Petitioun op dem Site vun der Chamber lancéiert, fir d'Kanner esou vum deegleche Stress ze befreien a fir hinne méi Zäit fir Fräizäitaktivitéiten ze loossen. Een heefegt Argument ass och ëmmer, dass d'Ofschafe vun den Hausaufgaben d'Ongläichheeten tëschent deene Kanner, wou d'Elteren hëllefe kënnen, an deenen, wou dat net de Fall ass, géif verréngeren.

### Zur landeswäiter gratis Hausaufgabenhëllef!

D'Léisung schéngt an enger gratis a flächendeckender Hausaufgabenhëllef ze leien, esou wéi se am Regierungsprogramm steet. Domadde sollen dann d'Ongläichheeten ewechfalen an dës Belaaschtung aus dem Familljeliewe geholl ginn.

### Eng gutt Léisung oder een Anachronismus?

Op den éischte Bléck schéngt eng landeswäit an och nach gratis Hausaufgabenhëllef also d'Léisung an eng gutt Alternativ ze sinn. Fir mech ass se dat awer ganz kloer virun allem nëmmen op den éischte Bléck, well si hëlt zwar den Drock an d'Belaaschtung aus der Famill eraus, mee d'Kanner bleiwen nach méi laang an der Schoul an hunn deemno net méi Fräizäit. Och wat déi sozial Ongläichheeten ugeet, bezweifelen ech, dass d'Qualitéit vun enger Hausaufgabenhëllef an engem grousse Grupp an der Schoul mat enger individueller Betreiung doheem mathale kann. D'Bereetstelle vun enger roueger Léierplaz matten am Klassesall bei engem grousse Grupp vu Kanner ass och bei Wäitem net evident.

D'Iddi an d'Beweeggrënn hannendru si sécherlech gutt a luewenswäert, mee eleng de Begrëff « Hausaufgabenhëllef » stellt fir mech e gewëssenen Anachronismus duer. Eleng schonn duerch den Numm vill ze vill op d'Produkt, also d'Aufgab zentréiert, an net genuch op de Prozess, also d'Léieren u sech. An et geet ëm d'Léieren, ëm de Prozess vum Uneegene vu Kompetenzen, an net ëm d'Aufgab u sech. Vill Kanner brauche vill méi e Coaching an Ënnerstëtzung beim Léieren. Bei Schwieregkeete mat den Aufgabe kann et un der Strategie oder um Léierstoff u sech leien. Esou weisen oft Schwieregkeete bei den Aufgaben op nach net verstanen Inhalter hin an do muss de Léierinhalt nach eemol schülergerecht opbereet ginn an nëmmen e richtegt Resultat bei der Hausaufgab bréngt reng guer näischt. Vill besser ass an deem Fall, wann d'Aufgab net richteg ass, dass d'Léierpersoun selwer gesäit, wou de Schüler nach Schwieregkeeten huet.

Bei esou enger Hëllef muss zudeem och den ënnerschiddleche Besoinen a Léiertyppe Rechnung gedroe ginn. Alles wäit ewech vun evident am grousse Grupp an am Kader vun enger sougenannter Hausaufgabenhëllef.

Nëmmen dann, wann déi ugebueden Ënnerstëtzung bei den Hausaufgaben den individuelle Besoine vun de Kanner gerecht gëtt a si an hirem Léierprozess weiderbréngt, mécht esou eng Hëllef a mengen Ae Sënn. Alles anescht wéi eng qualitativ héichwäerteg Hëllef wär deemno nëmmen eng Hëllef um Pabeier an eng Verschwendung vu Ressourcen an Zäit vun de Kanner. Da wär et nämlech vill méi sënnvoll, méi personell Ressourcen an d'Schoulen ze kréien, fir d'Kanner wärend der Schoulzäit a méi klenge Gruppe méi cibléiert a besser individuell ugepasst kënnen ze ënnerstëtzen an hinnen esou no der Schoulzäit méi Fräizäit kënnen ze erméiglechen.



Laurent Berck, I-EBS Nidderkuer a
Responsabel vum « Groupe de travail »

# Invitation

## à l’attention des membres du SNE/CGFP

Le SNE/CGFP vous invite à une visite de l’exposition « DIDACTA, die Bildungsmesse 2022 » qui aura lieu **mercredi, le 8 juin 2022.**

Le voyage se fera en autobus avec départ au P&R Howald à 6h30. Le départ à Cologne est prévu pour 16h30.

Le billet d’entrée, les frais du voyage en bus de même qu’une agape sur le chemin du retour (permettant un échange d’idées entre les participants) seront pris en charge par le SNE/CGFP.

Le retour à Luxembourg est prévu vers 22h00.

Avec nos meilleures salutations,

Le Comité du SNE/CGFP

Tous les intéressés pourront s’inscrire :
- soit par courrier électronique :

**events@sne.lu**

- soit par téléphone au numéro **48 11 18-1**

Veuillez indiquer vos coordonnées personnelles (nom et adresse, école, numéro de GSM…)

La date limite des inscriptions est fixée au **8 mai 2022.**

Le voyage se déroulera dans le respect des mesures sanitaires en vigueur au moment du déplacement.

DIDERICH
librairie
papeterie
café
jeux/bricolage
2 rue Victor Hugo
Esch/Alzette
info@diderich.lu
www.diderich.lu


sne éditions
Ihr kompetenter Partner in Luxemburg
für jede Art von Druckmedien
in Druckvorstufe,
Offset- und Digitaldruck
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg
www.sne.lu
Kontaktieren Sie uns: shop@sne.lu




BANQUE RAIFFEISEN, société coopérative
Envie de passer au vert ? Nous vous accompagnons.
Profitez de taux avantageux avec le prêt personnel R-ECO.
Voiture électrique ou panneaux solaires, parlez-nous de vos projets. Visitez raiffeisen.lu pour en savoir plus.
Raiffeisen
La Banque qui appartient à ses membres

EMILEFRISCH
Iwwerall ënnerwee
Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu

Groupe
renovation.lu
Handwierk aus Lëtzebuerg
www.renovation.lu
288 308


Fir eng sécher Kommunikatioun mat Elteren & Kolleeg·innen:
DIMMI
Nei Funktiounen:
Posts & Message kënnen elo geläscht ginn
Verbessert Reaktiounszäit
Gesitt wien e Message gelies huet
Aktuell méi wéi
11 000
Notzer
Schoulmeeschter Gilles
Gudde Mëtteg, kéinte mer eist Bilans-Gespréich muer w.e.g. em eng hallef Stonn no hanne verréckelen?
Papp vum Tun
Gudde Mëtteg, jo, dat ass guer kee Problem. Ech sinn da géint 14h30 do.
Brauch keng privat Handy-nummer
Gehost an entwéckelt zu Lëtzebuerg
Keng Vermaartung vun Äre privaten Daten
Leeft mat gréngem Stroum
Keng Reklammen
TEST DIMMI GRATIS BIS ZUM ENN VUM SCHOULJOER!
Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:
EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / support@dimmi.lu


boesner
KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER
Alles was kleine Künstler brauchen
· Über 28.000 Artikel
· Staffel- und Großhandelspreise
· Lieferservice
· Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum
boesner GmbH Perl
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr
Auf 3.200 m² alles was Kunst braucht
Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier
www.boesner.com


Interaktive Besichtigungen für Schulklassen
mit Kindern zwischen 6 und 15 Jahren
Ein Mitarbeiter führt die Kinder zu Fuß in das Innere der Stollen des Bergwerkes. Dort nehmen sie die Rolle eines Bergmanns ein: Sie erleben eine nachgestellte Sprengung, festigen die Decke, hauen selber etwas Eisenerz. Als Belohnung erhalten die Kinder und Schüler am Ende ein kleines Geschenk.
Interaktive Besichtigungen sind in Gruppen mit maximal 18 Kindern und 2 Begleitern von Dienstags bis Sonntags zwischen 8.30 Uhr und 16.00 Uhr mögich.
Eine Vorbestellung ist notwendig. Reservieren Sie bitte per Email. Dann werden Ihnen weiterführende Informationen zugeschickt.
MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE
Musée National des Mines de Fer Luxembourgeoises
1, rue des Mines
L-3714 Rumelange
Tel: +352 565688
Fax: +352 26560503
www.mnm.lu
info@mnm.lu

# Lustige Episoden aus meinem Leben

Autor : Michel Schaack

**Es darf geschmunzelt / gelacht werden über sonderbare Erlebnisse.**

**Kindheit - Jugend - Armee - Beruf - Familie - Kirche - Gesundheit in Bettemburg, Roeser, Luxemburg (Stadt und Land) und in 9 anderen Ländern dieser Welt.**




Eigentlich wollte ich in diesem meinem 4. Buch die Welt, in der wir leben, kritisch hinterfragen. Doch angesichts der Pandemie, die uns genug Sorgen macht, nahm ich einen Kurswechsel. Ich versuchte die lustigsten Episoden meines Lebens zu Papier zu bringen und sie dementsprechend zu illustrieren. Ich bin voller Zuversicht, dass die gut 100 mehr oder weniger kleinen Geschichten ihnen Freude bereiten werden?

Michel Schaack, geboren 1942 in Luxemburg, verheiratet, zwei Söhne, Lehrer in Bettemburg i.R., Koordinator des sozialengagierten Bettemburger Jugendchors von 1973 bis 1992 und von 2012-2017, Präsident der ONG Niños de la Tierra/Chiles Kinder von 1987 bis 2013, Vizepräsident des Cercle Vivi Hommel, aktives Mitglied der Luxemburger Erwuessebildung und der Bettemburger Sängerfreed. Autor der Bücher Christ Sein mit Zorn und Zärtlichkeit (2014), Christ und Sozialist (2017) und Von Luxemburg via Bettemburg nach Südamerika (2020).

Preis inklusiv Lieferung frei Haus : 20,00 €

ISBN 9 789995 907563

Erhältlich : ab April 2022

Bestellung per Überweisung des Buchpreises auf das Konto :
LU41 1111 0364 4065 0000
von Michel Schaack mit dem Vermerk:
**4. Buch**



Michel Schaack
Autor des Buches

# Étude du CSEE


## Les syndicats de l'enseignement européens face au variant omicron de la COVID-19

Une enquête parmi tous les membres du CSEE a eu lieu du 10 février au 1er mars 2022. Environ 80 % des pays où le CSEE est représenté ont répondu au questionnaire.

L'étude du CSEE montre qu'avec l'apparition du variant omicron, de nombreuses mesures d'urgence ont été réduites alors que les épidémiologistes appelaient à la prudence. Un nombre croissant d'infections à la COVID-19 en fut la conséquence.

Les organisations membres du CSEE estiment que la réponse des gouvernements à l'apparition du variant omicron a été insuffisante, inadéquate ou chaotique. En effet, les mesures n'ont pas pu assurer la santé et la sécurité des enseignants. Beaucoup d'enseignants se voyaient confrontés à un surplus de travail administratif et de stress. La COVID-19 a contribué à aggraver les problèmes existants dans les écoles et a eu un effet négatif sur l'attractivité de la profession enseignante.

Vu que la crise de la COVID-19 est loin d'être terminée, elle continue d'avoir une incidence négative sur les systèmes éducatifs en Europe. En s'engageant dans un dialogue social concret avec les syndicats de l'enseignement, les gouvernements doivent prendre des mesures pour affronter les impacts à long terme de la pandémie.



Léif KollegInnen

Lues a lues kënnt de Summer méi no an dëst ass dann och de leschte Bulletin virun der Summervakanz mat enger Rubrik «sne seniors». Duerfir nach déi lescht wichteg Infoe vun eisem Grupp.

Als Alternativ zu enger Visitt vum Stroossbuerger Europaparlament hate mir Iech eng Visitt vun der Boufferdéngs Brauerei zu Käerjeng ugebueden. Leider waren net genuch Senioren dorun interesséiert, sou dass mir dat nees ofgeblosen hunn. Dir hutt Recht, wann Dir sot, dass Brauerei an Europaparlament zweeërlee Schong sinn an dass een dat eent net duerch dat anert ersetze kann.

Duerfir kucke mir elo ganz intensiv op eisen Tréppeltour um Orscholzer « Baumwipfelpfad »; d'Detailer an d'Modalitéite fir d'Umeldungen fannt dir an der faarweger Këscht niewent oder ënnert dem Artikel. An dann nach e puer Datumer fir den Hierscht, déi Dir Iech elo schonn an Ären Agenda schreiwe kënnt. (Save the dates).

Iech alleguer elo scho vun eiser Säit aus eng schéi grouss Vakanz an e schéine Summer.

## SAVE THE DATE

### Bistrot littéraire

**Datum:** Méindeg, de 17.10.2022 em 18h00

**Plaz:** « Le Bovary » zu Weimeschkierch mat 2 Lëtzebuerger Schrëftstellerinnen

**************

### Konferenz

**Datum:** Dënschdeg, de 15.11.2022 em 17h00

**Plaz:** Siège vum SNE
mam Marie-Paule Theisen

**Thema:** « Déi positiv Wierkungen vun der Uechtsamkeet / Mindfulness op d'Gehieralterung »

**D'Umeldungen** an engem vun de nächsten Bulletinen oder per Info-Mail.






# Al Schoul – neit Liewen

## Eng nei Rubrik bei « sne seniors »

Léif LieserInnen

Dir hutt bestëmmt an Ärer Uertschaft, Ärer Gemeng oder um Nopeschduerf eng al Schoul stoen, wou Dir vläicht selwer dra gaang sidd oder selwer nach enseignéiert hutt, déi awer elo net méi a Betrib ass.

Meeschtens bleiwen déi Gebaier stoen a vläicht gouf doraus eng Maison Relais, eng Crèche, e Jugendhaus, e Musikshaus, jo vläicht souguer e Buttek oder e Restaurant. Wann Iech esou eppes bekannt ass, da schéckt eis e puer Zeilen zu dësen ale Schoulen eran, am beschten nach mat e puer Fotoen (« virdrun » an « elo »).

A wa mir dann eng flott Rubrik op d'Bee gesat kréien, dann ass dat vläicht och e flotte Beitrag fir déi KollegInnen, déi nach net bei den « sne seniors » sinn. An natierlech freeë mir eis och iwwert Zouschrëfte vu Memberen, déi nach net am Alter vun den « sne seniors » sinn.

## Praktesch Infoen

**Zuel vun de Fotoen:**

maximal 4 (fréier an haut)
(evtl. mat der Angab vum Fotograf)

**Zuel vun de Wierder:** maximal 250

**Numm vum Auteur:** fakultativ

**Form:** am beschten an digitaler Form;
op Pabeier ass awer och méiglech

**Adress: sne@education.lu**

**oder**

**SNE/CGFP**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 LUXEMBOURG

Mir verloossen eis op Är Mathëllef.

## Orscholz Baumwipfelpfad

**Aktivitéit:** Tréppeltour mat Guide; liichte Spazéierwee duerch de Fréijoersbësch

**Zilgrupp:** Membere vu 55 Joer un an hir/e Conjoint/e

**Dauer:** 90 Min.; duerno gëtt den SNE e Patt

**Datum:** Dënschdeg, de 14.6.2022 um 15h00

**Plaz:** Cloefstraße, 66693 Mettlach
(Orscholz) (Parkplatz P1 oder P2)
vu Réimech oder Schengen aus nach ca. 15 Min. individuell Urees

**Umeldung:** events@sne.lu
oder 48 11 18-1 ☛ **bis de 7.6.2022**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun)

(COVID Reegele sinn am Moment nach 3G; wann Ännerunge kéimen, deele mir Iech dat mat.)



# Al Schoul – neit Liewen

## UESPELT (ASPELT)

Dass d'Uertschaft Uespelt (Aspelt) an der Gemeng Fréiseng, tëschent Munneref a Fréiseng scho méi wéi 800 Joer al ass, wësse mir, zënter mir d'Feierlechkeete vum Péiter vun Uespelt erlieft hunn.

Natierlech si lues a lues an den Dierfer och Schoulen entstan. Beluecht ass, dass et 1803 zu Uespelt 30 Schoulkanner gouf, déi am Kaploun senger aler Wunneng Schoul gehal kruten. Nodeems no engem Stuerm 1910 en Deel vum Kierchendaach op d'Schoul gefall ass, ass 1915 déi nei Schoul a Betrib geholl ginn. Déi al Schoul gouf duerno als Proufsall fir d'Musek benotzt an ass haut e Sall fir Versammlungen.

Déi nei Schoul ass wéi scho gesot 1915 gebaut ginn; e puer Joer duerno sinn 2 oppen, awer iwwerdaachten Turnsäll op déi 2 Säite bäigebaut ginn. Toilettë fir Jongen a Meedercher waren ufanks am Haff. D'Gebai hat ënnenan zwee Klassesäll an uewenop zwou Déngschtwunnengen. Spéider goufen aus deene Wunnengen och Klassesäll an d'Léierpersonal huet misse selwer kucken, fir eng Wunneng ze fannen. Mee och dat war nëmmen e puer Joer gutt, well d'Zuel vun de Kanner sou an d'Luucht gaang ass, dass och déi nei Schoul op eemol ze kleng war.

1993 sinn d'Zyklen 2 bis 4 (deemools de «Primaire») an déi nei gebauten Zentralschoul op Fréiseng geplënnert.

Duerno gouf renovéiert, den Haff tëschent der Schoul an der Turnhal aus de 70er Jore gouf zu engem flotten Agangshall amenagéiert, d'Schoul selwer bitt elo Plaz fir d'Musek, Musekscoursen, Ausstellungen a Versammlungen an ass deemno gefëllt mat neiem Liewen an neien Aktivitéiten.




*Al Schoul féier ...*



*... an haut*



*Nei Schoul féier ...*



*.... an haut*










**Méi séier informéiert**

Suivéiert
d'CGFP op **Twitter**

@Cgfp_lu



steinhäuser
FACHMAART

steinhauser.lu | LEUDELANGE | INGELDORF



# LUX VOYAGES

## ENTLANG SPANIENS
## COSTA VERDE








In Fisterra, an dem Ort wo der Jakobsweg aufhört, beginnt diese außergewöhnliche Reise entlang der zerklüfteten Atlantikküste Nordspaniens. Mittelalterliche Gassen, barocke Gotteshäuser, traumhaft schöne Adelswohnsitze mit weitläufigen Gärten sowie einzigartige Strände, grüne Täler, Flüsse und Wasserfälle – all diese Highlights werden Sie zweifelsohne in Ihren Bann ziehen. Sie werden nicht nur die Steinzeitmalereien in den Höhlen von Altamira, sondern auch die Kunstwerke der Neuzeit im Guggenheim-Museum bewundern können. Ein weiterer Höhepunkt stellt der Besuch der römisch-katholischen Basilika Sagrada Familia in Barcelona dar.

Das leibliche Wohl kommt auch nicht zu kurz, ob beim Apfelwein in Asturien, bei der Weinverkostung in der Rioja-Region oder zum Abschluss beim katalanischen Festmahl mit allen Extras.

**Reisepreis: 2.799 € pro Person im Doppelzimmer,** inklusive

- Erlebnisreise mit höchstens 12 Gästen (garantierte Durchführung ab 4 Gästen)
- Linienflug mit Lufthansa: Hinflug von Frankfurt nach Santiago de Compostela/ Rückflug von Barcelona nach Frankfurt
- 10 Übernachtungen in Hotels und Gästehäusern
- Bootsfahrt auf dem Meeresarm Ria de Ribadeo zwischen Galicien und Asturien
- Besuch einer Sidreria mit Apfelweinverkostung
- Käsekostprobe in Cabrales
- Besuch des Guggenheim-Museums in Bilbao und der Sagrada Familia in Barcelona
- Besuch einer Bodega mit Weinbergbegehung in der Rioja-Region

**Termine 2022:** 03.-13.04. / 08.-18.05. / 17.-27.07. / 07.-17.08. / 04.-14.09. / 18.-28.09. / 16.-26.10.

**LUX VOYAGES s.à r.l.**
**25-A, boulevard Royal**
**L-2449 Luxembourg**
**Tel.: 47 00 47 - 1**
**info@luxvoyages.lu**

Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen die ausführliche Reisebeschreibung dieser und einer Vielfalt anderer Chamäleon-Reisen vor. Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.

Chamäleon
Die Reise Ihres Lebens.






## LEARNING BY DOING

FOURNITURE POUR ECOLE
MATERIEL DIDACTIQUE
BRICOLAGE PAPETERIE
JEUX ET LOISIRS



**Learning By Doing**
30, avenue Frantz Clément
L-5612 Mondorf-les-Bains
Luxembourg
tél. +352 26 67 19 25
info@lbd.lu
www.lbd.lu


SDK Akademie
SuperDrecksKëscht®
Dir fannt eis Offeren op www.sdk-akademie.lu
Fir weider Informatiounen: akademie@sdk.lu 488 216 400
D'SDK Akademie bitt Sensibilisiéierungs-aktivitéiten zur Ressourcen- a Klimaschounung fir Grondschoul, Maison Relais a Lycée
Ausserdeem fann Dir eis Formatiounen fir Enseignanten um IFEN
Eng Aktioun vun:
CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG
CHAMBRE DES METIERS Luxembourg


ZESUMME REESEN
Maßgeschneiderte Gruppenreisen, so vielfältig wie Ihre Wünsche
Für Vereine, Clubs, Firmen, Schulen, Gruppen von Freunden oder Familien
Kulturreisen, entdecken Sie faszinierende Welten der Geschichte oder Kunst
Studienreisen und Schulausflüge, eine unvergessliche Gelegenheit
Sportliche Reisen und Wandertouren, gestalten Sie Ihr Abenteuer
Kulinarische Momente und gastronomische Rundreisen, ideal für Genießer
voyages emile weber
Unser Team steht Ihnen gerne für Beratung und Vorschläge zur Verfügung
Tel.: (+352) 35 65 75 - 300 • groups@vew.lu • www.emile-weber.lu


sne éditions
Nous imprimons pour vous en offset & digital
- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite / Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant
www.sne.lu
11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437 L-1024 Luxembourg
shop@sne.lu www.sne.lu

# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum

**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.

75 sne syndicat national des enseignants cgfp

sne syndicat national des enseignants cgfp
Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants
11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56

## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat
national des
enseignants
cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ____ Prénom ____ Date de naissance ____

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ____ Promotion (année) ____ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ____

Commune / Localité de travail ____ Nom de l'école ____

**Domicile :** Numéro ____ Rue ____ Code postal ____ Localité ____

Adresse électronique ____ Téléphone / gsm ____

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ____ Date de naissance ____ Catégorie : cf tableau ci-contre ____

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ____

auprès de CCP / établissement bancaire ____

Date ____

Signature ____

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2022 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | | cotisations SNE + CGFP = Total | par mois | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | | 80 € +35 € = **115 €** | **9,58 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés<br>Total : | 1. : 115<br>2. : 100<br>215 | 80 € + 35 € = **115 €**<br>65 € + 35 € = **100 €**<br>**= 215 €** | **17,92 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 1. : 115<br>2. : 100<br>3. : 100<br>etc. | 80 € + 35 € = **115 €**<br>65 € + 35 € = **100 €**<br>65 € + 35 € = **100 €** | | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | | **0 €** | | --- |
| Cat. R | Membre retraité:<br>Ménage de 2 membres affiliés: | | 35 € + 35 € **= 70 €**<br>70 € + 70 € **= 140 €** | **5,83 €** | ---<br>--- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré – 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE




Zanter 30 Joer Apple Partner vum Enseignement zu Lëtzebuerg.

Wielt haut déi richteg **Servicer** a **Produiten** fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.



- Berodung
- Installatioun
- Support-Formatioun
- Maintenance
- Locatioun-Finanzement

- iPad / MacBook / iMac
- Accessoiren
- Wifi-Réseau
- Projektioun / interaktiv Tafel
- Robotik / Coding

Fir e Projet mat Wäitsiicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.

lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu

LINEHEART

Authorised Education Specialist




| | |
|---|---|
| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
| Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG | Port payé PS/161 |